

Vun der Strooss zeréck an d'Liewen

DE LA RUE AU RETOUR À LA VIE



„Ech hätt de Wee ewech vun der Strooss net eleng gepackt.“

E grousst Gléck

Et ass e sonnegen Novemberdag, ee vun deenen éischte méi kalen Deeg an dësem Wanter. Zu Guedber, um Schiltzbierg, ass eng Ekip vum der Gemeng Jonglënster amgaang, d'Beem ze schneiden.

Wat normal klenzt, ass fir de Steve Faber e grousst Gléck. Hien ass ee vun den Aarbechter a grad fir ee Mount am Stage bei der Gemeng Jonglënster. An dat, nodeems hie ganz schwéier Joren hannert sech huet.

„Ech hat Héichten an Déiften a mengem Liewen. An leider hat ech en extremen Déifpunkt“, erklärt den 43 Joer ale Mann. „Ech si falsch ofgebéit a leider ze laang um falsche Wee gefuer, bis ech d'Kéier kritt hunn. Dat schlémmst war, dass ech vun enger Substanz ofhängeg war an an der Stad op der Strooss gelieft hunn.“

De Steve ass um Wee zeréck an e normaalt, gereegelt Liewen, nodeems hie wéinst senger Sucht an Therapie war. Schonn am Mäerz 2021 koum hie fir e Schnupperdag bei

d'Gemeng Jonglënster schaffen. „A well dat esou gutt geklappt huet, hunn mer gesot, eng Woch wier och realistesch. An och do hat et nees gutt funktionéiert, sou dass de Steve elo ee Mount hei ass“, erkläärt de Philippe Frisch, dem Steve säi Betreier vun der Stëmm vun der Strooss.

De Steve ass frou, dass d'Ekipp vun der Gemeng Jonglënster hien esou gutt opgeholl huet: „Et war keen, dee mech vun uewen erof behandelt huet. Ech sinn direkt wéi e normale Mënsch gesi ginn.“ Hien gëtt ganz éierlech zou, dass dat och eng Angscht ass, wann een aus enger Situatioun wéi senger kennt. „Ech hat e bëssen en anere Liewensstil, wéi et normalerweis soll sinn. An et weess een ni, wéi d'Leit dorop reagéieren. Ech ginn och ganz éierlech domat em: Wat mir geschitt ass, gehéiert eben zu mengem Liewen dozou. An ech muss soen, dass d'Leit hei super reagéiert hunn. Dat huet mech positiv iwerrascht.“

De Philippe an de Steve haten sech am August 2020 zu Schëndels kenegeléiert, am Centre post-thérapeuthique, wou Leit begleet ginn, déi aus enger prekärer Liewenssituatioun wëllen an e strukturéierten Alldag zeréckkommen. Do huet de Steve gelieft, nodeems hie schonn an d'Entgëftung war an eng Therapie an Däitschland matgemaach huet. „Beim Steve hunn ech direkt gemierkt, dass de Wëllen sou grouss ass an dat einfach muss gefuert ginn“, beschreift de Philippe.

Als Awunner vun der Gemeng Jonglënster ass de Philippe dunn un de Schäfferot erugetrueden. „Ech well dem Ben Ries Merci soen. Hien sot direkt, dass mir dat kéinte maachen.“ De Schäffe Ben Ries seet, et hätt een de Projet direkt ganz positiv gesinn, nodeems de Philippe e presentéiert

hat: „Dat war eng gutt Chance fir de Steve an eis deet dat och sécherlech net wéi. Mir sinn ëmmer frou, wa motivéiert Leit kommen. Mir krute ganz vill positive Feedback vun den eenzelen Ekippecheffen. Mir si frou, dass de Steve hei ass an dass d'Integratioun esou gutt geklappt huet, well dat ass och wichteg. Et ass eng Win-Win-Situatioun.“

Eng Beräicherung fir d'Ekipp

De Steve geet op a senger Aarbecht fir de Service Jardinage: „Am Moment fale vill Blieder, do fuere mir mat der Kiermaschinn eraus a ginn zum Beispill Parkingen, Trottoiren an Trëppelweeër botzen, fir datt d'Leit sech och do sécher kenne bewegen.“ De Steve géif seng Ekipp beräicheren, seet de Nicolas Zoller, Chef vum Service Jardinage vun eiser Gemeng: „Hien ass selbststänneg, erkennt d'Aarbecht a bréngt sech och fir nei Iddie mat an.“

Et gesäit een dem Steve un, dass hien einfach nëmme frou ass, déi

Chance kritt ze hunn: „Dat ass extrem schwéier an dofir sinn ech immens dankbar, dat kenne mat ze erliewen.“ Hien huet zwar och nach eng Aarbechtsplaz beim CIGR Nordstad, mee dat ass keng laangfristeg Léisung: „Ech well zeréck op den éischten Aarbechtsmarché.“

De Steve huet e Rot fir aner Leit, déi an enger Situatioun sinn, wéi hien se erlieft huet: „Ech hätt de Wee ewech vun der Strooss net eleng gepackt. Ech war mir Hëllef sichen, an dat war immens wichteg. Et muss een déi Hëllef awer och notzen a weisen, dass de Wëllen do ass. Et muss een zum Beispill seng Rendezvousen anhalen a pünktlech sinn, an dat hunn ech gemaach. Et lount sech wierklech, well d'Liewen ass elo vill méi schéin, wéi et virdu war.“

De Steve schéngt et gepackt ze hunn – säit zwee Méint wunnt hien och nees an enger eegener Wunneng zu Dikrech: „Ech probéieren, Schrëtt fir Schrëtt mäi Liewen nees opzebauen.“



Une grande bénédiction

C'est une journée ensoleillée de novembre, l'une des premières journées froides de cet hiver. À Godbrange, au Schiltzbiërg, une équipe de la commune de Junglinster est en train de couper des arbres.

Cela paraît normal, mais c'est une grande bénédiction pour Steve Faber, l'un des ouvriers qui fait un stage d'un mois à la commune de Junglinster, après avoir laissé des années très difficiles derrière lui.

«J'ai eu des hauts et des bas dans ma vie. Malheureusement, je suis tombé très bas», explique l'homme âgé de 43 ans. «J'ai pris un mauvais tournant et j'ai suivi la mauvaise voie pendant trop longtemps avant de réussir à me reprendre en main. Le pire, c'était que j'étais toxicomane et que je vivais dans la rue.»

Steve est sur le chemin du retour à une vie normale et ordonnée, après avoir suivi une thérapie pour surmonter son addiction. En mars 2021, il a participé à une journée d'initiation à la commune de Junglinster. «Cela a si bien fonctionné que nous avons dit qu'une semaine serait également réaliste. Cela a également bien fonctionné, de sorte que Steve passe maintenant un mois entier ici», explique Philippe Frisch, l'accompagnateur de Steve de l'association Stëmm vun der Strooss.



Un accueil chaleureux

Steve est heureux que l'équipe de la commune de Junglinster l'ait si bien accueilli: «Personne ne m'a traité d'en haut. J'ai immédiatement été perçu comme un être humain normal.» Il avoue que c'est une peur fréquente quand on sort d'une situation comme la sienne. «J'avais un style de vie différent de ce qu'il aurait dû être. On ne sait jamais comment les gens y réagissent. Je suis très honnête à ce sujet: ce qui m'est arrivé fait partie de ma vie. Et je dois dire que les gens ici ont très bien réagi. Cela m'a surpris positivement.»

Philippe et Steve se sont rencontrés en août 2020 à Schoenfels, au Centre post-thérapeutique, qui accompagne les personnes qui souhaitent sortir d'une situation de vie précaire et retourner à un quotidien structuré. Steve y a vécu après avoir suivi une cure de désintoxication et une thérapie en Allemagne. «J'ai tout de suite réalisé que Steve avait une grande volonté et qu'il fallait l'encourager», explique Philippe.

En tant qu'habitant de la commune de Junglinster, Philippe s'est adressé au conseil échevinal. «Je voudrais remercier Ben Ries, qui a immédia-



tement accepté ma proposition.» L'échevin Ben Ries confirme que le projet a tout de suite été vu d'un œil positif, après que Philippe l'a présenté: «C'était une bonne opportunité pour Steve et cela ne nous fait certainement pas de mal. Nous sommes toujours ravis d'accueillir des personnes motivées. Nous avons reçu beaucoup de commentaires positifs des différents chefs d'équipe. Nous sommes heureux que Steve soit là et que l'intégration ait si bien fonctionné, car c'est important aussi. Nous en sortons tous gagnants.»



Steve s'épanouit dans son travail pour le service jardinage: «En ce moment, beaucoup de feuilles tombent, donc nous sortons la balayeuse pour nettoyer notamment les parkings, les trottoirs et les sentiers de randonnée pour que les gens puissent se déplacer en sécurité.» Nicolas Zoller, le chef du service jardinage de notre commune, estime que Steve enrichit son équipe: «Il est indépendant, il identifie le travail à faire et il apporte également de nouvelles idées.»

« La vie est beaucoup plus belle »

On voit que Steve est heureux d'avoir reçu cette chance: «C'est extrêmement difficile et je suis très reconnaissant de pouvoir faire cette expérience.» Bien qu'il ait aussi un emploi au CIGR Nordstad, ce n'est pas une solution à long terme: «Je veux retourner sur le marché du travail primaire.»

Steve a un conseil pour d'autres personnes qui sont dans une situation comme celle qu'il a vécue: «Je n'aurais pas réussi à quitter la rue seul. J'ai cherché de l'aide et c'est ce qui a fait la différence. Il faut aussi savoir utiliser cette aide et montrer que la volonté est là. Par exemple, on doit respecter ses rendez-vous et être ponctuel. C'est ce que j'ai fait. Cela vaut vraiment la peine, car la vie est maintenant beaucoup plus belle qu'elle ne l'était avant.»

Steve semble avoir réussi. Depuis deux mois, il vit de nouveau dans son propre appartement à Diekirch: «J'essaie de reconstruire ma vie pas à pas.»







— „Ech probéieren,
Schrëtt fir Schrëtt
mäi Liewen nees
opzebauen.“

« *J'essaie de recon-
struire ma vie pas
à pas.* »